





NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

4/2007

Virwuert

## Léiw Frënn vum Comité Alstad,



Lues a lues gi mer dem Joeresenn entgéint. Et ass Zäit fir e kuurze Réckbléck op dat vergaangent Joer. Et wor nach ewell e rouegt Joer fir de Comité Alstad. Erënnere mer kuurz un onsen Ouschtersalon, d'Éimaischen an un den 3. Aulebäckermaart.

Intern hu mir vill geschafft. E puer nei Membere sinn am Laf vum Joer bäikomm. Mee leider hu mer de Verloscht ze bekloe vun onsem Member, der Madame Margot Libens-Reiffers a vun onsem laangjähregen Éiremember, dem Julien Hoffmann. Mir wäerte si a beschter Erënnerung halen.

Wa mer un d'Feierdeeg vum Joeresenn denken, kënnt deen een oder aneren esou lues an de Stress, wat d'Kadoën ubelaangt, fir der Famill a Frënn eng kleng Freed ze man. Abbee, hei an onser 4. Editioun vun den Alstad news bidde mir Iech dat eent oder dat anert un. Esou zum Beispill, ganz nei, eng Farde mat zwou Vuesë vum Mansfeldschlass a Clausen. Niewt e puer aneren Iddië fir e flotte Kado fann Dir och an den Alstad news de 4. Deel vu « Ronderëm de Fëschmaart », eng Serie, déi jo nach ewell bei onse Lieser beléift ass.

Zum Schluss wëll ech Iech vun dëser Plaz aus, am Numm vum Comité Alstad, merci soe fir är moralesch a finanziell Ënnerstëtzung am vergaangene Joer. Ech wënschen Iech schéin a besënnlech Chrëschtdeeg, all Guddes an eng gutt Gesondheet fir d'Joer 2008, an der Hoffnung Iech op däer enger oder anerer vun onse Manifestatiounen am Joer 2008 begréissen ze kënnen.

Jean-Mathias GOERENS
President

Fir iech op déi kommend Feierdeeg anzestömmen invitéeirt de Comité Alstad iech op schéinen

### Chrëschtconcert an der Mechelskierch um Fëschmaart

**E MËTTWOCH DEN 12. DEZEMBER 2007 UM 20:15 AUER**

Et spillen déi lëtzebuerger Formatioun vun der Stad a Lampertsbierger Musek



**ENTRÉE 10 € PRO PERSOUN**

Réservéieren kann een iwert
Telefon : 46 61 88 oder Fax. 40 97 50
oder mat E-mail : comite.alstad@pt.lu

## OPRUFF

Mir sinn derbäi fir e Fotoarchiv opzebauen, a mir wiere ganz frou, wa mir dobäi kéinten op Är Mathëllef zielen.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun onser Alstad. Dat kënnen Architekturfotoë sinn oder vu kulturelle Manifestatiounen, natierlech och vun der Éimaischen. Et kënnen och Fotoë si vu sportlechen Evenementer (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn) oder Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hieren Aktivitéiten. Och si mir natierlech intresséiert u Fotoë vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher (Prozessiounen, Kommunioun asw.) oder Fotoë vu Persounen, déi z.B. um Fëschmaart gelieft hunn. Je, mir sichen all Zort vu Fotoën, déi mam Fëschmaart an onser Alstad ze dinn hunn.

Wann Dir sollt esou Fotoën hunn, wiere mir ganz frou, wann Dir ons déi géift zur Verfügung stellen, fir datt mir dovu kënnen eng Copie machen. Et versteet sech vum selwen, datt Är Originaler mat der gréisst méiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt Dir se onbeschiedegt zréck kritt.

Wann Dir ons hëllefe kënnt, oder wann Dir weider Informatioune braucht, da rufft ons einfach un, um Telefon 46 61 88.

Vun dëser Plaz elo schons e ganz grousse MERCI fir Är Mathëllef an Är Ënnerstëtzung.

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (3)

ZESUMMENGESTALLT
VUM CLAUDE ESCH
D'FOTOËN SI VUM SERGE DI PAOLI

Mir ginn ënnert dem Bou erduerch an e puer Meter weider komme mer an d'"Rue de la Loge". Am Joer 1854 huet d'Stadverwaltung beschloss, dëser Strooss, déi bis elo „Krämerhausgasse" geheescht huet, den Numm „Rue de la Loge" ze ginn. An der Logegaass kann ee sech e Bild maachen, wéi d'Wunnéngsverhältnisser am Mëttelalter a bis an d'Neizäit hei woren. D'Haus N° 2 an der Logegaass kann ee roueg als Pronkstéck bezeechnen. Et handelt sech hei em d'Haus „Ënnert de Steiler". D'Haus ass wahrscheinlech dat eelst an der Stad an huet am X. Joerhonnert als Gemengenhaus gedéngt. Et ass en Haus am spätgotesche Stil, déi Renaissancevirhaal ass aus der franséischer Zäit. Am Haus selwer haten d'Fransousen eng Wuecht ageriicht. Intressant sinn awer och déi gotesch Mauerwierker iwwert de Fënsteren um éischte Stack. Um Eck an der Fassad entdecke mir eng schéi spéitgotesch Nisch mat enger Selbdrittgrupp. Säit 1824 ass d'Haus eng Wiertschaft, an de bekannteste Wiert, aus eiser Zäit, war de Goldschmit's Jang. Ernimme mer awer och, datt de Scheffe vun der Stad Lëtzebuerg, de Jean Schalop am Joer 1443, hei vrum Haus den Heldendout gestuerwen ass, wéi d'Burgunder d'Stad ageholl hunn. E puer Schrëtt weider ass en Haus mat engem schéinen Tiermchen, wou drop ze liesen ass „Mir wölle bleiwe, wat mer sin". 1814 huet d'Haus dem Wiert Heinrich Schamburger a senger Fra Maria-Anna Peppinger gehéiert. Hie wor esou bekannt fir säi „Kuddelfleck", datt d'Leit aus dem ganze Land heihi koume fir „Kuddelfleck" z'iessen. En Dilettant huet esouguer eng Kuddelfleckshymne geschriwwen.Hei e klengen Auszuch:

*"All déi, beim Schou do soutzen mam Glieschen an der Hand,*

*Déi kommen, wat gëss de wat hues de, lanscht Steilen ugerannt."*

Wéi et schéngt, gouf ënnert de Steiler den Apéritif geholl an duerno ass et bei de Schaumburger op de Kuddelfleck gaang. A fir datt d' Matière-Première fir dës Spezialitéit net ausgoung, huet den Dichter mat dësem Wonsch ofgeschloss:

*O geff, O Gott, dei Segen, dass d'Ochsen fëllech ginn.*

*Fir dass déi léif Spéiissbirger, sech oft nach hei gesinn.*

Et gëtt och gesot, de Johann Wolfgang von Goethe hätt hei am Haus logéiert bei sengem Passage zu Lëtzebuerg.

Vis-à-vis hu mer d'Haus N° 1, déi fréier Miwwelhandlung Hoffmann-Moulin an haut d' „Konschthaus Beim Engel". Um Rez-de-chaussée ass eng Konschtgalerie



an um éischten an um zweete Stack si Büroen an e schéine Konferenzsall, fir verschidde kulturell Associatiounen. Esou huet och de Comité Alstad, dee jo wierklech an dëse Quartier gehéiert, hei säi Sëtz fond. 1824 wor de Wiert Nikolaus Huberty de Propriétaire vum Gebai. 1848 gouf d'Haus bewunnt vun der Joffer Elisabeth Dufaing, der Grënnerin vun de Baarmhäerzege Franziskanerschwëstere vu Lëtzebuerg. Op N° 3 an der Logegaass wor de bekannten Uewenbauer, den Emmel's Emile. Am Wunnéngsverzeechness vu 1797 bis 1814 fanne mer esou bekannten Nimm ewéi: Damian Tandel, den Dokter Dutreux asw. Bis 1966 huet d'Haus der Witfra Marguerite Emmel-Oswald gehéiert. No hirem Doud ass d'Haus un hir zwou Niessen, d'Madame Marie Esch an d'Madame Catherine Bernard-Oswald iwwergaang. Mëtt 1988 gouf d'Haus un d'Freimaurerloge verkaf, déi et enger kompletter Renovéierung ënnerzunn huet. Leider gouf och hei kee Wunnraum geschaf. Bemierkenswäert ass awer och, datt d'Haus N° 3 grad ewéi d'Haus N° 5, zum Breedewee hin e klenge Gaart huet, an dat mëtten an der Stad.


**Weider op onsem Trëppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 5**







# De Péiter Ernest vu Mansfeld a säi Schlass « La Fontaine » a Clausen



De Péiter Ernest vu Mansfeld, gebuer den 12. August 1517 am Schlass Heldrungen bannent der Festung mam selwechten Numm a Sachsen, gestuerwen den 23. Mee 1604 a Clausen, wor Feldmarschall an der spuenescher Arméi a Gouverneur vun der spuenescher Kroun an den Niederlanden, zu Bréissel an zu Lëtzebuerg. Am Joer 1563 huet de Grof Mansfeld a Clausen ugefaang mam Bau vu sengem Schlass « La Fontaine ». D'Bauaarbechten hu bal 40 Joer gedauert.

Vum Schlass ass haut sou gutt wéi näischt erhalen. Op ale Stadpläng ass awer ze gesinn, wou d'Schlass stong.

De Comité Alstad proposéiert iech elo eng Farde mat zwou faarwege Vuesën (50 x 40 cm) vum Mansfeld sengem Schlass. Den Deckel vun der Farde weist ons e Portait vum Mansfeld (Original : Geschichtsmusee vun der Stad), a vum Pierre Blanc eng Vue vum Schlass (Original : Geschichts- a Konschtmusée).

An der Farde selwer ass eng Vue vum Schlass um Enn vum 16. Joerhonnert, zouerkannt dem Moler Tobias Verhaegt (1561-1631). Déi zweet Vue, datéiert vun 1927, ass aus der Hand vum Ernest Werling (1851-1916). Béid Originaler sinn am Musée um Fëschmaart .

D'Farde mat deenen 2 Vuesën kann ee vun elo un bis spéitstens den 30. November 2007 beim Comité Alstad bestellen, duerch Iwwerweise vun **30 € (Souskriptiounspräis)** pro Farde op ee vun de Konte vum Comité Alstad a.s.b.l.

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 |
| Postscheck : | IBAN LU02 11110080 8736 0000 |
| Fortis Bank : | IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 |

NOM 30. NOVEMBER 2007 KASCHT D'FARDE DA 40 €.


Déi bestallten a bezuelte Farde kann een ofhuele vum 1. Dezember 2007 un am Konschthaus Beim Engel op Nummer 1 an der Logegaass um Fëschmaart. An dat all Dag, ausser Méindes, vun 10:00 -12:00 Auer a vun 13:00 bis 19:00 Auer.

Eng flott Iddi, wann Dir op der Sich sidd fir e schéine Kado. Mir wënschen Iech vill Freed mat deenen zwou Vuesën vum Mansfeld sengem Schlass La Fontaine.

# E Plang vu Lëtzebuerg (1684)

E Plang vu Lëtzebuerg (1684) mat 21 Säiten Explikatiounen iwwert dem Vauban säi Projet, fir d'Festung erëm an d'Rei ze bréngen. Wéi d'Festung Lëtzebuerg de 4. Juli 1684 no enger schwéierer Belagerung gefall wor, huet de Sébastien Le Prestre, Marquis de Vauban (1633-1707) direkt ugefaang, eng Rei wichteg militäresch Gebaier opzeriichten. Aus senger Erfahrung bei der Belagerung vun der Stad huet en hir schwaach Punkte genee kannt a versicht, déi Plazen z'elimineieren.

Als Beweis vun dëser grousser Aktivitéit hun d'Archive vun der Stad Lëtzebuerg e koloréierte Plang vun 48 x 32 cm, mat 21 Säiten Explikatiounen, vum Vauban ënnerzeechent, mat der Bemierkung « dressé à Luxembourg ce 27 aoust 1684 ». Am Titel vun deem Mémoire mat den Explikatioune geet Rieds vum Zweck vun all deene Konstruktiounen, wann de Projet emol fäerdeg ass. Bei dësem Mémoire handelt et sech em eng handgeschriwwe Kopie aus der Zäit vum Vauban. (d'Schrëft, mat der Bemierkung « signé Vauban » as déi selwecht wéi déi vum ganzen Text ; d'Original ass bestëmmt dem « Roi Soleil » op Paräis geschéckt ginn. D'Kopie gouf méiglecherweis hei zu Lëtzebuerg bei den Aarbechte gebraucht.



Dëse Plang huet de Comité Alstad am Joer 1993 erausbruecht. Et sinn nach e puer Exemplairen ze kréien. Erënnere mer drun, datt de Vauban viru genau 300 Joer gestuerwen ass.

Och nach eng Iddi fir e schéine Kado fir déi kommend Feierdeeg.

Bestelle kann een dëse Plang beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun **30€** op de Kont bei der Spuerkeess IBAN LU64 0019 1755 0897 0000. Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Plang am "Konschthaus Beim Engel" op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, all Dag vun 10:00 -12:00 Auer a vun 13:00 – 19:00 Auer, ausser Méindes.

# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (3)

ZESUMMENGESTALLT
VUM CLAUDE ESCH
D'FOTOËN SI VUM SERGE DI PAOLI

Mir ginn ënnert dem Bou erduerch an e puer Meter weider komme mer an d'"Rue de la Loge". Am Joer 1854 huet d'Stadverwaltung beschloss, dëser Strooss, déi bis elo „Krämerhausgasse" geheescht huet, den Numm „Rue de la Loge" ze ginn. An der Logegaass kann ee sech e Bild maachen, wéi d'Wunnéngsverhältnisser am Mëttelalter a bis an d'Neizäit hei woren. D'Haus N° 2 an der Logegaass kann ee roueg als Pronkstéck bezeechnen. Et handelt sech hei em d'Haus „Ënnert de Steiler". D'Haus ass wahrscheinlech dat eelst an der Stad an huet am X. Joerhonnert als Gemengenhaus gedéngt. Et ass en Haus am spätgotesche Stil, déi Renaissancevirhaal ass aus der franséischer Zäit. Am Haus selwer haten d'Fransousen eng Wuecht ageriicht. Intressant sinn awer och déi gotesch Mauerwierker iwwert de Fënsteren um éischte Stack. Um Eck an der Fassad entdecke mir eng schéi spéitgotesch Nisch mat enger Selbdrittgrupp. Säit 1824 ass d'Haus eng Wiertschaft, an de bekannteste Wiert, aus eiser Zäit, war de Goldschmit's Jang. Ernimme mer awer och, datt de Scheffe vun der Stad Lëtzebuerg, de Jean Schalop am Joer 1443, hei vrum Haus den Heldendout gestuerwen ass, wéi d'Burgunder d'Stad ageholl hunn. E puer Schrëtt weider ass en Haus mat engem schéinen Tiermchen, wou drop ze liesen ass „Mir wölle bleiwe, wat mer sin". 1814 huet d'Haus dem Wiert Heinrich Schamburger a senger Fra Maria-Anna Peppinger gehéiert. Hie wor esou bekannt fir säi „Kuddelfleck", datt d'Leit aus dem ganze Land heihi koume fir „Kuddelfleck" z'iessen. En Dilettant huet esouguer eng Kuddelfleckshymne geschriwwen.Hei e klengen Auszuch:

> *"All déi, beim Schou do soutzen mam Glieschen an der Hand,*
>
> *Déi kommen, wat gëss de wat hues de, lanscht Steilen ugerannt."*

Wéi et schéngt, gouf ënnert de Steiler den Apéritif geholl an duerno ass et bei de Schaumburger op de Kuddelfleck gaang. A fir datt d' Matière-Première fir dës Spezialitéit net ausgoung, huet den Dichter mat dësem Wonsch ofgeschloss:

> *O geff, O Gott, dei Segen, dass d'Ochsen fëllech ginn.*
>
> *Fir dass déi léif Spéiissbirger, sech oft nach hei gesinn.*

Et gëtt och gesot, de Johann Wolfgang von Goethe hätt hei am Haus logéiert bei sengem Passage zu Lëtzebuerg.

Vis-à-vis hu mer d'Haus N° 1, déi fréier Miwwelhandlung Hoffmann-Moulin an haut d' „Konschthaus Beim Engel". Um Rez-de-chaussée ass eng Konschtgalerie



an um éischten an um zweete Stack si Büroen an e schéine Konferenzsall, fir verschidde kulturell Associatiounen. Esou huet och de Comité Alstad, dee jo wierklech an dëse Quartier gehéiert, hei säi Sëtz fond. 1824 wor de Wiert Nikolaus Huberty de Propriétaire vum Gebai. 1848 gouf d'Haus bewunnt vun der Joffer Elisabeth Dufaing, der Grënnerin vun de Baarmhäerzege Franziskanerschwëstere vu Lëtzebuerg. Op N° 3 an der Logegaass wor de bekannten Uewenbauer, den Emmel's Emile. Am Wunnéngsverzeechness vu 1797 bis 1814 fanne mer esou bekannten Nimm ewéi: Damian Tandel, den Dokter Dutreux asw. Bis 1966 huet d'Haus der Witfra Marguerite Emmel-Oswald gehéiert. No hirem Doud ass d'Haus un hir zwou Niessen, d'Madame Marie Esch an d'Madame Catherine Bernard-Oswald iwwergaang. Mëtt 1988 gouf d'Haus un d'Freimaurerloge verkaf, déi et enger kompletter Renovéierung ënnerzunn huet. Leider gouf och hei kee Wunnraum geschaf. Bemierkenswäert ass awer och, datt d'Haus N° 3 grad ewéi d'Haus N° 5, zum Breedewee hin e klenge Gaart huet, an dat mëtten an der Stad.

**Weider op onsem Trëppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 5**





